

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Respektiv an deem Considérant drënner do einfach "sur la nécessité" ewech loossen, dat heescht an eisem Avis steet effektiv déi Iddi "devrait faire l'objet d'une législation spécifique", also dat ass einfach eng Iddi, déi do komm ass.

Dann hunn ech do, wou d'Regierung invitéiert gëtt, och zwou, dräi kleng Modificatiounen ze maachen. Énner anerem gëtt do gesot am éischten Tiret, datt ee soll e spezifische Projet de loi doriwwer maachen. Wéi och scho virdrun erkläert ginn ass, ginn et schonn deelweis bestehend Base-légalen, d'Kommodosgesetz vun '99, d'Déchetsgesetz vun '93. Ech wëll och hei betounen, datt nach en zousätzlecht Gesetz wäert kommen, d'Buedenschutzgesetz, wou de Moment ganz intensiv dru geschafft gëtt, an ech denken drun, datt den Ëmweltminister dat am Laf vum nächste Joer och kann déposéieren. Datt mer also mindestens dräi Base-légale wäerten hunn, datt een also do géif soen "à adapter dans des délais utiles et raisonnables les bases légales sur l'assainissement des anciens sites".

An dann och nach am leschten Tiret, dat ass déi Geschicht vun der Responsabilitéit, do musse mer wëssen, datt mer do an Zukunft wäerten eng europäesch Direktiv kréien an deem Beräich, datt mer dann, egal wéi mer dat elo apaken a wat fir enger Base légale, dat natierlech ëmmer conformément zu där Direktiv maachen, datt een also do géif hannendrun hänken "conformément aux futures dispositions réglementaires européennes en la matière", iergendwéi sou eppes an deem Genre. Ech mengen, da kéinte mer mat där Motioun d'accord sinn an da kéint d'Chamber e Vote doriwwer huelen.

Merci.

**Motion 1 modifiée***La Chambre des Députés*

- *considérant la proposition de loi 4823 visant à modifier la loi du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets, ceci en vue de régler la responsabilité dans le contexte de la réhabilitation de sites industriels contaminés;*

- *constatant que ni la loi précitée, ni la modification proposée, ni la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés ne résolvent d'une façon optimale les cas de figure complexes d'un assainissement d'anciens sites industriels contaminés;*

- *saluant la déclaration du Gouvernement que "la question sur les sites contaminés devrait faire l'objet d'une législation spécifique";*

*invite le Gouvernement*

- *à adapter dans des délais utiles et raisonnables les bases légales sur l'assainissement des anciens sites industriels contaminés, réglant notamment:*

- *la gestion, le suivi et les modalités du cadastre des anciennes décharges et des sites contaminés;*

- *une réorganisation des modalités de financement des travaux de décontamination en cas d'insolvabilité ou d'inexistence du responsable de la pollution;*

- *les responsabilités en matière d'assainissement dans les différentes situations de propriété conformément aux futures dispositions réglementaires européennes en la matière.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Renée Wagener.

**M. le Président.-** Dir Dammen an Dir Hären, si mer d'accord déi Motioun unzehuelen? Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht...

**Une voix.-** Dir musst den Här Garcia nach froen.

**M. le Président.-** Jo, mat deenen Aschränkungen.

Also ech hunn dem Här Garcia, mengen ech, ofgesinn, dass en d'accord wier.

**(Hilarité)**

Jo, mir hunn esou en Zeechen ënnerteneen, mir verstinn eis.

**Vote**

Mir stëmmen dann of.

Wien derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech? Keen?

Ech stellen also fest: Déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4829 iwwert d'Mindestakommes.

Et hu sech ageschriwwen bis elo: déi Hären Di Bartolomeo, Bettel, Jaerling, Gira a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

#### **4. Projet de loi 4829 modifiant l'article 2 de la loi du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti**

##### **Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse**

**M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4829 ass ee klengen, mä wichtege Projet.

E gesäit vir, den Artikel 2, Paragraph 2 vum Gesetz vum 29. Abrëll 1999 iwwert d'Mindestakommes ofzeänneren. De Projet ass den 2. August vum deem Joer vun der Madame Marie-Josée Jacobs, Minister vun der Famill, der Solidarité sociale an der Jugend, an der Chamber déposéiert ginn. E war begleet vum den Avië vu verschiddene Beruffschamberen a vum Avis vum Statsrot.

Den Artikel 2, Paragraph 2 vum Gesetz vum 29. Abrëll 1999, wat also e relativ rezent Gesetz ass, bestëmmt d'Bedingungen oder eng Bedingung fir d'Mindestakommes ze kréien, an zwar déi vun der Mindestresidenz hei zu Lëtzebuerg.

Den Text gesäit elo vir, dass all Persounen, déi d'Mindestakommes beusprochen, an deene leschten 20 Joer weinegstens fënnf Joer hei am Land musse gewunnt hunn. Déi Bestëmmung gëllt souwuel fir Lëtzebuerger wéi och fir Bierger aus der Europäescher Unioun a selbstverständlech och fir Bierger aus allen anere Länner.

D'Fro stellt sech also, wann deen Text, deen eigentlech, wann een en esou kuckt, keng Diskriminierung virgesäit: Firwat muss deen Text ofgeännert ginn?

D'Regierung ass duerch dee Projet de loi enger Opfuerderung vun der europäescher Kommissioun nokomm, déi an engem Avis vum 26. Januar vum Joer 2000, Avis deen un d'Regierung geriicht war, opgrond vum Artikel 226 vum Traité zur Schlussfolgerung komm ass, dass déi do Bestëmmung géint de Gläichheetsprinzip verstéisst, sou wéi en am Artikel 7, Paragraph 2 vun dem Règlement CEE n° 1612/68 virgesinn ass iwwert d'fräi Circulatioun vun den Aarbechter an an dem Artikel 43 vum Traité iwwert d'Circulatioun vun den Travailleurs non-salariés.

A wéi engem Mooss verstéisst déi Dispositioun vum Artikel 2 géint déi do Bestëmmungen? Doduerch, dass Lëtzebuerger, déi hei am Land gebuer sinn, méi liicht d'Bedingunge vun der Residenz kënnen erfëllen wéi aner Bierger aus der Europäescher Unioun, ass en fait de Gläichheetsprinzip net respektéiert. Dat entsprécht och der Jurisprudenz vun dem europäesche Gerichtshaff, dee permanent och op esou Diskriminatiounen agaangen ass an och bei esou Dispositiounen eng Verletzung vun dem Prinzip vun der Egalité des traitements virgesinn huet.

D'Regierung huet deem Avis also Rechnung gedroen a si huet der Chamber dee Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, ënnerbreet.

D'Avien, déi gefrot si gi bei de Beruffschamberen, an och dee vum Statsrot, si mat där Ofännerung d'accord. Den Text gesäit nämlech elo vir, dass an Zukunft, nom neien Artikel 2, Paragraph 2, d'Lëtzebuerger Bierger aus der Europäescher Unioun a Bierger vun deene Länner, déi den Accord iwwert den Espace économique européen ënnerzeechent hunn, d'Residenzbedingung

net méi brauchen ze erfëllen, dass se also direkt kënnen vun dem Mindestakommes, dem Revenu minimum garanti, profitéieren ouni eng Residenzbedingung ze erfëllen.

Datselwecht gëllt och, wéi et virdru virgesi war, fir Persounen, déi als Apatride unzegesi sinn opgrond vun der Konventioun vu New York vum 28. September 1954 a fir d'Réfugiéen, déi de Statut vum Réfugié hunn, opgrond vun der Konventioun vu Genève vum 28. Juli 1951.

Ennert d'Residenzbedingung vu fënnf Joer fale weiderhin all Bierger aus Länner, déi net direkt elo hei viséiert sinn, dat heescht Bierger aus net-EU-Länner a Länner, déi den Traité, den Accord iwwert den Espace économique européen net ënnerschriwwen hunn. Dat entsprécht och an aneren europäesche Länner den Texten, déi bestinn. An dat entsprécht och deene Relatiounen, déi normalerweis op internationalem Plang gëllen. Et kënnt eng Ausnahm gemaach ginn, wa Lëtzebuerg mat engem net-EU-Land een Traité géif maachen, wou opgrond vun der Géigesäitegkeet déi do Klausel net géif spillen. Mä sou laang dat net de Fall ass, mussen also déi Bierger vun anere Länner, vun Drëttlänner, d'Bedingung vun der Residenz vu fënnf Joer erfëllen.

De Conseil d'Etat huet verschidde méi kleng Ännerunge proposéiert déi d'Kommissioun ugeholl huet. De Conseil d'Etat huet awer eng Ofännerung vum Text proposéiert, déi d'Kommissioun net acceptéiert. De Conseil d'Etat huet nämlech virgeschloen, dass, wann eng Persoun Mindestakommes géif bezéien, dann och de Conjoint a seng Nokommen oder d'Virfahre vun där Persoun, d'Ascendants an deem säi Conjoint, wann se d'Residenzbedingung net géifen erfëllen, trotzdem kënnte vum Mindestakommes profitéieren.

D'Kommissioun huet deen do Amendement net acceptéiert aus folgender Ursach: den RMG schwätzt eigentlech net direkt vu Familljebeziungen, mä den RMG ass opgebaut op enger anerer Notioun, dat ass déi vun der Communauté domestique. Wann een elo géif verschiddene Leit, déi an der Communauté domestique sinn, een Avantage ginn an deenen aneren, déi keng Familljerelatioun hunn, déi awer an där Wunnegemeinschaft do dra sinn, da géif een eiser Meenung no eng nei Diskriminatioun maachen a gegebenenfalls géint de Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz verstoussen, well den RMG op der Communauté domestique, an net op de Familljeverhältnissen opgebaut ass. Dofir ass och deen do Amendement net vun der Kommissioun acceptéiert ginn.

Déi aner Ännerungen huet d'Kommissioun ugeholl. Den Text, dee mer proposéieren, dréit also zum Deel den Ännerunge vum Statsrot Recht, mat der Ausnahm vun

deem Text, deem ech elo hei zitéiert hunn. An ech géif och d'Chamber bidden deem Text, sou wéi d'Kommissioun e proposéiert, ze acceptéieren. Ech kann och hei elo schonn den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, d'Aféierung vum RMGs-Gesetz, dat gesetzlech garantéiert Mindestakommes, läit an der Zwëschenzäit 15 Joer zrëck. Ech mengen, et kann ee soen, datt et eng vun deene fundamentale Reformen an eiser Sozialgesetzgebung deemols war an an der Zwëschenzäit nach méi, well mer eist RMGs-Gesetz an der Zwëschenzäit gutt eng Dose mol adaptéiert hunn.

D'Recht op e gesetzlecht Mindestakommes war vun ufank un net automatesch, mä et war vun Ufank un un eng Rei vu Konditiounen gebonnen, wou déi wichtegst den Alter, d'Residenz an och d'Disponibilitéit fir den Aarbechtsmaart war.

Am Ufank, dat muss een esou soen, war de Gros vun den Deputéierten an dëser Chamber méi virsiichteg, wat hir Approche vis-à-vis vum Mindestakommes ugeet, well eng gewëssen Angscht virun Abüen do war an déi Konditiounen ware vill méi restriktiv, wéi se haut sinn, bis elo waren, an och an Zukunft no dësem Gesetz wäerte sinn. Déi Appréhensiounen vis-à-vis vun Abüen hunn sech als gréisstendeels onberechtigt erweisen, well d'Abüen an engem verträglichen Ausmooss sech beweegen an eis an deem bestätegt, dass mer léiwer een zevill hunn, deem den RMG kritt, wéi een ze wéineg, deem e kéint kréien duerch iwwerdriwwe Konditiounen.

Mir hunn déi Konditiounen, fir d'gesetzlecht Mindestakommes ze kréien, progressiv...

### *(Interruption)*

Jo?

**Une voix.-** Den Handy rabbelt.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Neen. Pardon. En ass vläicht...

**Une voix.-** E vibréiert, e vibréiert!

### *(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Et ass méiglech, dass et d'Welle sinn, déi... Ok!

Mir hunn also vun Ufank un e bësse méi restriktiv Konditiounen festgehalten, déi mer progressiv méi labber gemaach hunn, an dat hu mer fir d'lescht am Joer 1999 kuerz virun de Legislativwale gemaach, wou mer notamment un d'Residenzbestëmmung gaang sinn.

An enger éischer Approche am Regierungsprojet wollte mer d'Condition de résidence ofschafe fir Lëtzebuerger a Ressortissanten aus der Communautéit. An enger zweeter Phas, och opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer an eiser zoustänneger Kommissioun haten, an och opgrond vu Reaktiounen, déi mer dobaussen haten, waren d'Regierung an d'Majoritéit an der Chamber bereet, fir d'Residenzklausel ganz falen ze loossen. Ech mengen, wa mer eis deemols duerchgesat hätten, dann hätte mer haut net bräichten iwwert deem heite Projet ze diskutéieren, well mir menge mat där richteger Distanz, dass d'Chamber, an och d'Regierung, vun deemols richteg louch an net de Conseil d'Etat, well um Conseil d'Etat ass u sech méi eng generéis Approche gescheitert.

Wéi gesot, mir wollten d'Residenzklausel komplett fale loossen. De Conseil d'Etat huet deemols eng Oppositioun do dergéint gemaacht, huet gesot dat wär net ubruecht, huet och gemengt, dass, wa mer eng Residenzklausel gläich fir Lëtzebuerger a fir Net-Lëtzebuerger géifen aféieren, mer dann net diskriminatöresch wäeren.

Hätten an haten, sinn arem Staten!

Mir hu festgestallt, dass déi Approche, déi de Conseil d'Etat deemols hat an och dunn noutgedröngenerweis eis ginn ass, well mer soss rëm eng Kéier hätte missen déi ganz Prozedur maachen an net rechtzäiteg virum Waltermin deem dote Projet nach eng Kéier hätte kënne stëmmen, net richteg war.

Am Januar 2000 huet d'Kommissioun eis an engem Rapport drop higewisen, dass déi Residenzklausel, sou wéi mer se festgehalten hätten, net richteg war.

Ech wëll allerdéngs - pour la petite histoire - drop hiweisen, dass de Conseil d'Etat a senger Approche vun 1999 schonn eemol eng Kéier geholl hat vis-à-vis vun 1986, well deemols war de Conseil d'Etat ganz generéis. Et huet wahrscheinlech eppes mat der Kompositioun vum Conseil d'Etat ze dinn, en huet deemols derfir plädéiert fir eng ganz generéis Approche, wou mer beim Mindestalter vill méi wäit erofgaang wäeren, wéi mer elo haut nach sinn, an och bei der Condition de résidence, mengen ech, hat de Conseil d'Etat deemols eng ganz positiv, generéis Approche.

### *(Interruptions et hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Et si wahrscheinlech d'Wellen, da leeën ech dat Déngen emol wech!

### *(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass een d'Handy soll dobausse loossen.

### *(Interruptions)*

Am franséische Parlament muss jiddfereen, wann en erageet, en ofginn; da gëtt en enzwousch higeluegt bis

en erëm erausgeet. An ech stelle fest, dass trotzdeem mer wéivill mol schonn dovun geschwat hunn - mer wëssen, dass dat op d'Elektronik e schlechten Einfluss ausübt -, kommen ëmmer erëm Leit, déi bréngen den Handy mat a se telefonéieren heibannen a se empfänken och Verbindungen. Mir hunn aacht Kabinne fir vill Suen hei niewendrun installéiert, fir dass, wann ee muss telefonéieren, een da soll eraus goen.

### **(Interruptions)**

An dofir géing ech lech nach eng Kéier bieden...

### **(Interruption)**

Et ass fir jiddfereen. Et sinn der vill déi een hunn an et gëtt der ëmmer méi.

**Une voix.-** Et sinn och ëmmer déiselwecht!

**M. le Président.-** Loosst Är Handyen dobaussen - deen ass a kengem Parlament zoulässeg -, da kréie mer och déi Störung net méi, déi mer elo grad hei erlieft hunn!

**Une voix.-** Les couteaux au vestiaire!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).-** Merci fir déi Suggestiounen, Här President. Bei deene villen Investitiounen, déi mer gemaach haten, hätte mer vläicht nach e bësse méi kënnen investéieren, dann hätte mer fir déi, déi en Handy materabruucht hunn, nach vläicht kënnen e Schleidersetz installéieren; da kréiche mer deen dote Problem och an de Grëff.

### **(Interruptions)**

Mä fir zréck op déi ganz eescht Saachen ze kommen, de Revenu minimum garanti: Mir sinn also hei mat dësem Projet zënter e puer Méint saiséiert. D'Regierung huet vis-à-vis vum Conseil d'Etat och d'Urgence invoquéiert. Mir mengen, dass mat ganz vill guddem Wëllen déi Urgence kann acceptéiert ginn, well den Avis vun der Kommissioun läit ëmmerhin iwwer annerhalleft Joer zréck an do sinn ech dann dës Kéier mam Conseil d'Etat d'accord: Fir deen een Artikelsgesetz ze formuléieren hätte mer net onbedéngt annerhalleft Joer gebraucht, dat hätte mer kënnen direkt nom Avis vum Conseil d'Etat maachen.

Zum Fong elo, wat mer hei maachen a wat mer net maachen. Mir ginn also op de Wee, dass mer d'Residenzklausele fale loosse, awer net ganz fale loosse. Mir kommen also méi oder manner op den ursprüngeleche Regierungstext vun 1999 zréck, wou mer d'Residenzklausele fir Lëtzebuerger a fir Bierger aus der Communautéit fale loosse, net awer fir déi Leit aus Drëttlänner. Do ass zum Schluss vun den Aarbechten an der Kommissioun kuerz doriwwer diskutéiert ginn. Fir eis war et kee Grond fir de Projet net ze stëmmen, et ass och haut nach kee Grond fir de Projet net ze stëmmen.

Ech muss allerdéngs op dëser Plaz soen, dass, wa mer de Schrëtt elo gemaach hu fir d'Lëtzebuerger a fir d'net-

communautaire Ressortissanten d'Residenzklausele fale ze loosse, mer bei der nächster fundamentaler Reform vum RMG, an déi kënnt bestëmmt, a sief et och nëmme am Rahmen vum Plan Inclusion, wou mer eng Rei vu Modificatiounen musse maachen, mer dann d'Residenzklausele ganz fale loosse, also och fale loosse fir déi Leit aus Drëttlänner.

Ech explizéiere mech.

### **(Interruption)**

Dir hutt Recht! Hätten an haten... Mir hätten et scho kënnen '99 maachen, mir hätten et elo kënnen maachen, mä et war net am Text dran a wa mer elo en Amendement gemaach hätten, dann hätte mer erëm eng Kéier sechs Méint oder méi op den definitiven Text gewaart, an an deene sechs Méint oder an deenen zwielef Méint, déi elo kommen, kënnen mer déi nächst Reform vum RMG preparéieren.

Ech explizéiere mech och, firwat dass ech der Meenung sinn, dass mer sollten d'Residenzklausele beim RMG ganz fale loosse. Och wann an der Zwëschenzäit déi Leit, déi aus Drëttlänner kommen, den RMG net kréien, kréien se eng ganz Rei vun anere Sozialleeschungen. A wa mer de Bilan maache vun deem, wat u Leeschtungen kënnen, u Leeschtungen bezuelt gëtt fir déi Leit, déi an Nout sinn, egal wou se hierkommen, da wär et interessant ofzeweien, ob dat wesentlech méi ongensteg ass wéi wa se den RMG kréien.

Virun allem huet den RMG den Avantage, dass, wa Leit, déi aarbechtsfäeg sinn, an den RMG erakommen, se och un d'Aarbechtskonditioun kënnen gebonne ginn. Dat ass e groussen Avantage, well all Kéiers dann, wann een d'Alternativ huet fir de Leit e Revenu ze ginn a gläichzäiteg schaffen ze loosse oder nëmme e Revenu, eng Sozialleeschung ze ginn ouni dass se schaffen - wa se dat kënnen a wann d'familiär Situatioun dat erlaabt -, sinn ech der Meenung, dass een d'Optioun soll huelen, fir Revenu mat Aarbecht ze verbannen, do mécht ee Leit, déi vill méi zefridde sinn, an dat gëtt vill méi Sënn.

Also, am Kloertext, mir sinn der Meenung, dass ee bei där nächster Geleeënheet déi Residenzklausele ganz soll fale loosse.

Dann e weidere Wonsch: Mir hu bei der Reform vun 1999 och iwwert déi speziell Situatioun vun deene Leit diskutéiert, déi keen Domicile fixe hunn. Ob et elo Lëtzebuerger sinn oder communautair, an do hate mer eng Motioun verofschitt, wou mer den zoustännegen Innenminister invitéiert haten, fir zesumme mat de Gemengen e System ze dévelloppéieren, fir dass déi Leit, déi zum Deel während Joren hei am Land wunnen, awer dat net kënnen noweisen, iwwer eng simplifizéiert, eng vereinfacht Prozedur dat kéinte noweisen.

Ech wär ganz frou, wann d'Madame Minister eis kéint soen, ob an der Zwëschenzäit dem Wonsch vun der



Chamber fir deene Leit, déi keen Domicile fixe hunn, entgéint ze kommen, ob dat geschitt ass oder ob an der Zwëschenzäit näischt op deem dote Gebitt geschitt ass. Ech kann lech dat just aus der Wart vum Deputéierten a vum Buergermeeschter soen, mir hu bis elo keng sou Direktive gesinn, déi eis et kéinten erlaben, fir déi Leit, déi keen Domicile fixe hunn, ze regulariséieren.

Dann zum Schluss e leschte Wonsch, deen awer, mengen ech, legitim ass. Mir hunn elo zënter 1986 d'Gesetz iwwert de Revenu minimum garanti. Mir hunn och, wann ech richteg informéiert sinn, Leit, déi quasi zënter dem Ufank an engem RMGs-Verhältnis sinn oder esouguer an enger Mise au travail sinn. Déi Leit hunn awer doraus keng besonnesch Rechter, déi waren am éischten Aarbechtsmaart net ze placéieren, hunn och kee Contrat de travail, hunn iwwerhaupt och keen Usproch op esou e Contrat de travail.

Ech menge mir sinn am Moment amgaang, a mir wäerten och an deenen nächste Wochen dorop zrëckkommen, eppes Guddes ze maachen an engem anere Beräich, am Beräich vum Handicap, wou mer deene Leit, déi an Ateliers protégés oder an engem Aarbechtsverhältnis sinn, en Aarbechtskontrakt ginn, mat engem garantéierte Mindestloun, wat eng ganz gutt Saach ass, déi mer och voll ënnerstëtzen.

Dofir mäi Wonsch, d'éischt Zil am RMG, an och bei deene Leit, déi an enger Beschäftigungsmoosnam sinn, soll dat sinn, fir aus der Beschäftigungsmoosnam eppes Provisoiresches ze maachen, se och provisoiresch ze halen a, souwäit wéi dat iergendwéi méiglech ass, déi Leit an den éischten Aarbechtsmaart ze iwwerféieren. Et gëtt awer Situatiounen, wou dat iwwerhaupt net méiglech ass a wou ee während Joren an där doter Situatioun ass.

Ech mengen, dass mer eis Gedanke solle maache bei där nächster Reform, och am Rahme vun deem Programm Inclusion, fir ze kucken, an deenen dote Fäll, deene Leit, déi betraff sinn an déi net schlecht genuch sinn, fir dass se aus dem Aarbechtsverhältnis ausgeschloss ginn, éischters e Kontrakt ze ginn, quitte dass de Stat se weiderbezilt, an hinnen zumindest Geste kënnen ze ginn an enger Carrière, déi heiandsdo zéng oder méi Joren dauert, fir Leeschtung, déi och do bruecht gëtt, an dat soll een net ënnerschätzen, fir Leeschtung unzeerkennen. Dat sollen dann net e Statsarbechter- oder e Statsbeamten-, oder e Gemeengebeamten- oder e Gemengenaarbechtervertrag ginn, mä et solle Gesté sinn. Ech mengen et ass eng vun deene Saache wou mer eis Méi sollte maachen, fir driwwer nozedenken.

Dat gesot stellen ech fest, dass de Conseil d'Etat bei dësem Projet rëm eng Kéier e Revirement gemaach huet, en huet iwwerhaupt kee Problem méi dermat, dass mer déi hei Condition de résidence op deene Punkte fale loossen, wou e virun zwee Joer anerer Meenung war, an en huet bei eenzelnen Dispositiounen

vun dësem Gesetz, zum Beispill bei de Réfugiés politiques, Propositione gemaach, déi wäit iwwert dat erausginn, wat am Moment Usus ass a wou ee sech och ka Froe stellen, ob dat onbedingt ubruecht wär.

D'Konklusioun: Ech mengen, dass mer an deene leschte 15 Joer gewise kritt hunn, duerch d'Praxis, dass et zwar, beim RMG wéi bei allem, och Abüe ka ginn, mä dass déi Abüe vill, vill manner grouss si wéi dat, wat viru 15 Joer gefäert ass; dass eng excellent Aarbecht um Terrain geleescht gëtt vun deene Leit, déi d'RMGs-Bezéier encadréieren; dass och vun deene Leit, déi an enger Mise au travail sinn, eng excellent Aarbecht geleescht gëtt, am Interesse vun der Communautéit mat deene Moyenen, wou se eben elo hunn an dass mer keng Angscht brauchen ze hunn, fir an Zukunft, och wann emol deen een oder deen anere mam Fanger weist, eng generéis Approche zum RMG ze behalen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Hären, ech wëll fir d'éischt dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, wann ech selwer nach eng Kéier géif iwwert d'Detailer vun deem heite Gesetzprojet schwätzen, géif ech nëmmen dat paraphraséieren, wat den Här Rapporteur scho gesot huet, mä dofir wollt ech vläicht eppes anescht soen, wat mer um Härz läit.

Soubal ee vun RMG schwätzt, si ganz vill Leit, déi do en Amalgame maachen, soen: RMG, dat ass fir d'Leit, déi net gär schaffen, RMG ass fir déi Drogéiert, RMG ass fir hei, RMG ass fir do. Ech mengen, dass no baussen, bei verschiddene Leit, direkt den RMG...

### **(Interruption)**

Nee, guer net bei eis, Här Bartolomeo, Dir géift souguer iwwerrascht sinn!

Et si ganz vill Leit, déi dofir op populistescher Aart a Weis den RMG géifen dénigréieren, an ech géif mengen, dass een dat souguer als politesch kéint benotzen, fir ze soen et wier näischt Guddes, well do géif deen heiten an deen aneren nëmmen dovunner profitéieren.

Ech wëll awer dowéinst e puer Punkten zitéieren, déi den RMG virgesinn:

"Ne peut pas prétendre à un droit au revenu minimum garanti la personne qui:

1. a abandonné ou réduit son activité professionnelle de plein gré sans pouvoir justifier de motifs réels et sérieux, ou a été licenciée pour faute grave, sans préjudice d'une nouvelle demande qui ne peut être présentée qu'après

un délai minimum de six mois à partir de la notification de la décision de refus;

2. fait objet d'une mesure de détention préventive ou d'une peine privative de liberté, sauf pendant la période d'un congé pénal dont la durée est supérieure à un mois;

3. a pris congé sans solde ou un congé pour travail à mi-temps, sauf justification admise par l'organisme compétent."

D'DP hat am Kader vun den Debatten iwwert d'Modificatioun vum RMGs-Gesetz eng Motioun deposéiert, déi dräi Punkten hat. Ech wëll déi just hei nach eng Kéier widderhuelen:

" 1. A améliorer les incitations en insertion dans le monde du travail de ceux des bénéficiaires du RMG qui en sont capables;

2. à veiller à ce que les champs d'opportunités réelles qui leur sont proposées soient renforcés par un encadrement social, ainsi que par l'amélioration des conditions de formation et de recyclage;

3. à multiplier les perspectives d'intégration professionnelle durable par la création de postes de travail socialement utiles ou d'utilité collective au sein de services publics ou d'institutions conventionnées dans les domaines tels que l'action sociale en faveur des personnes âgées, des enfants et des handicapés, notamment la protection de l'environnement, l'entretien d'équipements et d'infrastructures publiques."

Also Dir gesitt hei, den RMG ass net dat, wat verschidde Leit gäre géife weisen, mä d'Gefill, an ech mengen et ass och eis Missioun als Politiker, a vläicht och als Ministère de la Famille, no baussen ee Message un d'Leit ze ginn, dass mir net wëllen einfach d'Leit allegueren an den RMG setzen an de Leit soen: "Hei, Dir braucht net schaffen ze goen, de Papa Stat ass do!", mä au contraire den RMG eng Aide sociale ass à durée déterminée an dass et net soll eppes sinn, wat e "provisoire qui dure" ass.

Ech mengen, dat ass ganz wichteg ze soen. Et muss een de Leit no baussen d'Gefill ginn, dass dës Regierung do steet, fir an d'Aarbecht ze investéieren, de Leit d'Loscht ginn ze schaffen an net de Contraire ze maachen.

### **(Interruptions)**

An ech géif dowéinst, Här President...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Här Bettel, wann Der erlaabt, wann dat wierklech d'Regierung ass, déi an d'Aarbecht investéiert, mir kënnen lech 30 Leit an engem provisoireschen Aarbechtsverhältnis an enger Equipe polyvalente bidden, déi just drop waarden, fir déi doten Aarbecht ugebueden ze kréien.

**M. Xavier Bettel (DP).** - Ma, ech mengen, et ass amgaang, Dir hutt jo gesinn, et sinn...

### **(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

**M. le Président.** - Fuert virun, Här Bettel!

**M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Hei gëtt een ëmmer gestéiert.

### **(Interruptions)**

An et ass ëmmer den Här Di Bartolomeo!

### **(Interruptions et hilarité)**

Also, op jidde Fall, ech hunn dat elo nach eng Kéier gesot, ech insistéieren nach eng Kéier: Dës Regierung investéiert an d'Aarbecht, Här Bartolomeo, si investéiert an d'Aktivitéit vun de Leit, si wëllt net...

### **(Interruption)**

Pardon. Monsieur Di Bartolomeo!

Si wëllt an d'Aarbecht investéieren, si wëllt de Leit Loscht gi fir ze schaffen, an deen heite Projet ass ebe fir verschidde Leit, déi virun net ënnert d'Konditiounen konnte falen, fir den RMG ze kréien. Ech mengen, et ass eng sozial Avance, déi gemaach gëtt, mä, wéi nach eng Kéier gesot, keng falsch Interpretatioun, an ech géif et bereien, wa politesch Parteien oder verschidden Deputéierten dat dote géife benotzen, fir nees Onrou an nees Suszeptibilitéit an Näid tëschent deen een an deen aneren ze bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, no där méi oder weiniger sozialer Euphorie, déi elo hei lassgeknäppt ginn ass, kommen ech awer mat méi gemëschte Gefiller heihinner, fir iwwert dës Projet ze schwätzen.

Ech mengen, et gëtt hei Verschiddenes ze tranchéieren, engersäits si mer eis all eens, dass dat soziaalt Europa muss ausgebaut ginn. Anerersäits si mer awer als ADR och der Meenung, dass awer hei och mussen e bëssen déi national Interesse geschützt ginn an en Abroch an eisem Sozialnetz awer muss vermidde ginn duerch iwwerdriwwene Sozialtourismus.

Fir d'éischt wëll ech awer emol der Regierung e Reproche ausschwätzen, ech mengen, d'Regierung ass sech awer selbstverständlech och bewusst, wat fir eng Ausmoossen d'Ofschafe vun der Residenzklausel fir eise Sozialsystem kann hunn. Dofir ass et onverständlech, dass se dës net um europäesche Plang virbruecht huet...

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

... a sech zumindest dogéint opposéiert huet, fir dass esou eng Direktiv konnt kommen.

D'Ofschafe vun der Residenzklausel fir EU-Bierger hei zu Lëtzebuerg ka fir eist Land sou en enormen, sozialen Impakt kréien, an et ass souguer viraus ze gesinn, datt den RMG insgesamt kann a Fro gestallt ginn.

Well d'Ëmsetze vun dëser Direktiv eist Sozialnetz ka belaaschten, hätt d'Regierung onbedéngt missen e Veto aleeën, fir eis Sozialstrukture virun esou enger grousser, äusserlecher Awierkung ze schützen.

Zweetens ass et einfach och onzoumuttbar, dass et net nëmme bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv, datt d'Parlament net am Virfeld iwwer esou aschneidend Moossname konsultéiert gëtt, ier d'Regierung hiren Accord op EU-Niveau ginn huet. Ech mengen, bei esou Saache misst awer zumindest am Virfeld d'Parlament konsultéiert ginn.

Elo sti mer erëm eng Kéier virun engem Fait accompli, wat mer awer net méi wëlles hunn esou ouni weideres duerzehuelen. Ech mengen, mer wëssen alleguer heibannen, an den Här Bettel huet et iergendwéi schonn e bëssen ugeschnidden, wéi dënnäiseg d'Acceptanz fir den RMG bei der Bevëlkerung ass, ech mengen, do brauch ee keng Zeechnung ze maachen. Am Gesetz vum 1. Juni '99 waren am Zesammenhang mat der Residenzklausel all Bedenke mat engem eventuellen RMG-Tourismus virbruecht ginn an et war och eng vun den Ursaachen, firwat dass d'Residenzklausel vu fënnef Joer iwwerhaapt fir jiddferen dra stung. Elo steet d'Residenzklausel nach just fir Net-EU-Bierger dran, awer dorop wëll ech spéider nach eng Kéier zrëckkommen.

Här President, ech mengen, dass mer eis als ADR awer scho méi wéi eng Kéier fir ee soziaalt Europa ausgeschwat hunn, besonnesch wat d'Koordinatioun vun de soziale Mindestnorme betrëfft. Leider ass et awer esou, datt déi ökonomesch Entwécklung bei dem Europabauer méi Uklang fënnt, wéi déi sozial.

Mat esou Mesuren awer, wéi déi Direktiv hei, déi mer haut hei ëmsetze sollen, maache mer net vill fir e soziaalt Europa, mä mer provozéiere just e Sozialtourismus an déi Länner, déi en héije Sozialniveau hunn. Dëst féiert zu enger Iwwerbelaaschtung vu verschiddene Sozialnetzer an deene betraffene Länner, wat zur Konsequenz huet, datt de gesamte Sozialniveau kann eventuell zrëckgoen.

Lëtzebuerg ass e Land mat héijem Sozialniveau, a wat den RMG ubelaangt ass et esouguer e Schlaraffeland, wann een d'RMG-Bestëmmungen an eisen Nopeschlänner kuckt. D'Bierger aus den Nopeschlänner wäerten, an dat gëtt jo elo mam Euro vill méi einfach nach, schonn de Vergläich zéien, wou et sech am beschte liewe léisst, och wann den RMG enger Rei vu Bedingungen ënnerworfen ass. Ech wëll do mol een oder dat anert Beispill hei zitieren: Mir huelen e Pensionnaire, deen am Nopeschland nëmme 500 Euro Pensioun huet an e stellt fest, dass en a Lëtzebuerg 900

Euro als RMG ka kréien, ech mengen, do ass et jo schonn derwäert, fir ze plënnere. Oder esouguer e Salarié, deen an engem Nopeschland mat senger Famill mat zwee Kanner nëmme 1.000 Euro Akommes huet, hei am Land awer 1.500 Euro mam Complément vum RMG ka kréien, ech mengen, do brauch ee sech keng Zeechnung ze maachen, wat dat ka provozéieren; net muss, mä kann.

D'Gefor ass also grouss, dass sech an deene kommende Joren den RMG-Tourismus entwéckelt, deen dozou féiere kann, datt eise Sozialbudget an engem onzoumuttbare Mooss steigt an datt mer musse Leeschtunge vläicht kieren, wat op d'Käschte vun alle Leit geet, déi an dësem Land wunnen an déi gehollef hunn, dee Sozialstat hei opzebauen. Vläch ass dat awer deen Zouwuess, deen den Här Statsminister mengt, wann e vun engem Stat mat 700.000 Awunner schwätzt.

Den Artikel unique, dee mer hei virleien hunn, ass eng aschneidend Ännerung an eiser Sozialgesetzgebung, ouni datt awer Méiglechteete geschafe ginn, fir eventuell Abüen ze vermeiden.

### *(Interruption)*

Jo, ech weisen ëmmer mäi richtegt Gesiicht, ech hu jo näischt ze verstoppen. Mä ech verstoppe mech net hannert iergendenger Ideologie, ech soen ëmmer dat realistesch, wat ech denken.

Et geet also net duer, einfach eng Direktiv ëmzesetzen, well dat internationaalt dat nationaalt Recht priméiert, mä et ass och eis Pflicht derfir ze suergen, dass d'Applikatioun vun esou enger Direktiv den nationalen Interessen net schuet, besonnesch wann et ëm eist Sozialnetz geet.

Ech mengen, et hätt ee kënnen d'Residenzklausel bestoe loossen, an dann Dérogatiounen abauen, fir eventuell wierklech Fäll, wou et noutwenneg ass, dann hätt ee méi geschafft gehat, wéi déi Residenzklausel ganz ofzebauen, an dann hätte mer och nach eng Handhab driwwer gehat fir ze decidéieren, ob een da wierklech berechtigt ass, deen RMG ze kréien oder net.

Wann awer dës Majoritéit der Meenung ass, datt dat hei eng sozial Measure ass, déi am Interesse vun den EU-Bierger misst applizéiert ginn a se mengt, mer kënten d'Konsequenze vun esou enger aschneidender Measure an eist Sozialnetz droen, da soll se dës Direktiv roueg iwwerhuelen.

Wann dës Majoritéit mengt, dës Direktiv iwwerhuelen ze kënnen, da soll se awer och fir jiddferen gëlle loossen an da net nëmme fir EU-Bierger, déi hei am Land wunnen. Well Net-EU-Bierger sinn och Mënschen an hunn och sozial Rechter.

D'Gesetz vum 1. Juni 1999 hat zwar eng Residenzklausel fir jiddferen, mä war awer zumindest

an deem Zesummenhang méi sozial a méi mënschlech, well se fir jiddferee gegëllt huet.

Mat dem Text, wéi en esou hei virläit, ginn Net-EU-Bierger, déi schonn hei am Land liewen, diskriminéiert vis-à-vis vun EU-Bierger, déi no der Aféierung vum Gesetz weint dem RMG hei an d'Land awanderen.

Wat nach derbäi kënnt ass d'Fro, ob d'RMG-Bedingungen, wéi se hei am Land gültig sinn, och gëlle fir d'Ausland. Kann engem säi Gutt, wat en am Ausland huet, hypothekéiert ginn, wann en hei am Land den RMG zougestane kritt? Wann dat net de Fall sollt sinn, dann ass dat eng weider Diskriminéierung géigeniwwer deene Leit, déi hei am Land wunnen an eventuell en Haus oder soss eppes sech opgebaut hunn an och zumindest matgeholfen hunn, eise Sozialniveau opzebauen.

Bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv geet et anscheinend drëm, fir d'libre circulation vun de Rechter vun den EU-Bierger ze fördern. Eng libre circulation vun de Flichte muss awer och dobäi garantéiert sinn, well soss ass d'Dier awer wäit op fir Abüen.

Här President, mir wäerten als ADR dës Gesetzännerung net stëmmen:

1. Well mer schonn, sou wéi méi oft, mam Ëmsetze vun enger Direktiv virun de Fait accompli gestallt ginn.
2. Well duerch dës Direktiv eis Sozialgesetzgebung kann iwwerlaascht ginn.
3. Well hei national Interesse verletzt ginn an eis Regierung versot huet, andeem se kee Veto dergéint ageluecht huet.
4. Well dës Gesetzännerung Net-EU-Bierger diskriminéiert, déi schonn eng Zäit hei am Land wunnen, an EU-Bierger bevirdelegt, déi duerch d'Gesetzgebung hei awanderen.
5. Well Rechter hei garantéiert ginn, ouni datt festläit, op och Flichte kënnen ageklot ginn.

Et geet eis net drëm, Här President, fir dat wichtegt, soziaalt Instrument, wat den RMG nun emol duerstellt, a Fro ze stellen, mä et geet eis drëm, fir dëst wichtegt, soziaalt Instrument fir d'Bierger vun eisem Land ze erhalen an duerfir duerf et keen RMG-Tourismus ginn, well domadder dëst wichtegt Gesetz a Gefor géif geroden.

Här President, erlaabt mer nach ofschléissend, well mer schonn eng Diskussioun hei iwwert den RMG féieren, och emol de Wäert vun der Aarbecht hei am Land am Zesummenhang mam RMG ze erwähnen. Ass et eng gesond Situatioun, wann een, dee seng 40 Stonnen de Mount schafft, am Endeffekt net méi Revenu huet, wéi een RMG-Bezéier? Ass et verwonnerlech, wa grad déi Leit, déi zum Beispill hei am Land mam Mindestloun schaffe mussen, sech d'Fro stellen, firwat si fir hir

schwéier Aarbecht net méi kréie fir hir Famill ze ënnerhalen, wéi een, deen net schafft? Dat mécht béist Blut an duerfir mussen mir eis och Gedanke maachen iwwert de Wäert vun der Aarbecht hei am Land.

D'Aarbecht hei am Land muss opgewäert ginn engersäits duerch besser Mindestloun, a wann dat vun der Ekonomik net ze droen ass, duerch aner Moossname fir Klengverdingen. An esou eng Moossnam wier zum Beispill d'Aféierung vun der - vum ADR säit laangem gefuerderter - Negativsteuer, déi kënnt eng grouss Entlaaschtung vir Klengverdingen bréngen.

Mir sinn erfreet gewuer ze ginn, dass den Här Statsminister - dee gëtt eis nämlech Recht - de Conseil Economique et Social beoptragt huet, eng Analys ze maachen, wéi een déi Negativsteuer kënnt aféieren. Dat heescht, dem ADR seng Iddi huet also hei Wuerzele geschloen a mir si ganz erfreet doriwwer a mir wäerten den Här Statsminister och voll ënnerstëtzen, wann en...

#### *(Interruptions diverses)*

Also, Här Krieps, ausnahmsweis sinn ech ee vun deenen eenzeg, deen hei op déi Bühn kënnt an ëmmer dat gleeft, wat e seet! Ech wëll lech dat awer emol soen.

#### *(Interruptions diverses)*

**Une voix.** - Den Här Krieps huet ferm Problemer domat!

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Jo, mä ech wëll lech awer soen, ech muss mech schwéier beherrschen, fir mech net hei unzepassen an an dëselwecht Rhetorikmanie ze verfallen, wéi verschiddener heibannen.

#### *(Interruptions et hilarité)*

Et géif och nach eng Rei aner Mesurë ginn anhand vun där een d'Aarbecht kënnt opbesseren a mir proposéieren, dass dës Diskussioun mat alle "Forces vives de la nation" sou séier wéi méiglech sollte gefouert ginn, fir datt déi Leit, déi hei am Land schwéier mussen fir hiert Geld schaffen, och eng reell Unerkennung fir hiren Effort kréien.

Am Zesummenhang vum RMG wëll ech dann awer nach eppes hei ervirhiewen - et ass jo scho rëm vu Reforme vum RMG geschwat ginn hei -, déi Problemer déi bestinn, dat ass dass d'RMG-Bezéier keng Pensiounsrechter hunn an och hir Stagezäit, déi Zäit wou se am RMG sinn, net berücksichtegt gëtt, fir Urecht op eng Pensioun ze hunn, respektiv op eng Invalidepensioun, och wa se virun hiert Liewe laang geschafft hunn an dann, zum Beispill an deenen dräi leschte Joren, wou se den RMG kritt hunn a keng zwielef Méint verséichert waren, hir Pensiounsrechter verluer hunn. Ech mengen, och dat ass eng vun de Mesuren, déi misste bei enger zukünftiger Reform onbedéngt berücksichtegt ginn, fir dass, wann déi Leit, déi am RMG sinn an eventuell krankheitshalber net méi kënnte schaffen, déi dann awer och hiert Recht op hir Invalidérent kréien an dass



se da vun deem kënne benefizéieren, wat se hiert Liewe laang virdru cotiséiert hunn.

Dat wollt mir zum RMG hei soen. Zu deem Projet, deen hei virläit, soe mer selbstverständlech neen aus deenen Ursaachen, déi ech lech elo hei virgedroen hunn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech an där populistescher Aart a Weis, wéi elo verschidde Leit dëst Thema ugaange sinn, géing weiderfueren, da kéint ech jo soen, d'Gesamtkäschte vum RMG géingen nëmmen e klengen Deel vun de Steierhannerzéiungen an deem Land hei ausmaachen a feststellen, dass sech ganz oft a vill méi dacks iwwert déi puer Leit, déi vläicht profitéiere vun engem wichtege Sozialgesetz, hei ausgelooos gëtt wéi iwwert déi Milliarden, wou all 15 Joer eng Kéier e Rapport gemaach gëtt a ni méi driwwer geschwat gëtt, mä, ech mengen, dës Eruegheensweis un de Projet géing net dozou bäidroen, dass d'Wuerzelen, déi lo grad hei geschloe si ginn, géinge Friichten droen.

Dofir wëllt ech probéieren, e bësse méi en objektive Bäitrag hei ze leeschte fir feststellen, dass et net fir d'éischt ass, a mir gesinn dat do ganz anescht wéi de Virriedner hei, dass dës Regierung eigentlech gezwonge gëtt, oder réischt ënnert dem Drock vun der EU-Kommissioun, dem europäesche Geriichtshaff oder dem Mënscherechtsgeriichtshaff zu Stroossbuerg, Gesetzer unzepassen oder Diskriminéierungen aus der Welt ze schafen. Sou ass et och rëm hei, dass, ënnert dem Drock vun der EU-Kommissioun, aus dem RMG-Gesetz weinstens deelweis d'Residenzklausel opgehewe gëtt, leider nëmmen deelweis, musse mer feststellen.

Mir bedauern als Gréng, dass iwwert déi Virgehensweis, déi elo d'Regierung gewielt huet, nei Diskriminéierung geschafe ginn, doduerch dass nawell déi Leit, déi net aus der EU kommen, ënnert dës Residenzklausel falen a mer domat rëm neierdings zweeërlee Leit an deem Beräich maachen. Mir bedauern, dass d'Regierung an dës Majoritéit bei dëser Geleeënheet net de Courage hat, endlech an definitiv mat dëser Residenzklausel opzehéieren.

Mir gehéieren iwwerhaupt net zu deenen, Här President, déi Angscht hu virum Sozialtourismus, mir sinn der Meenung, dass dat vläicht eng theoretesch Angscht ass, mä dass et an der Praxis net esou ass. Ech mengen net...

#### **(Interruption)**

Jo, mir sinn do ganz zouversichteg, Här Gibéryen; ech mengen net, dass d'Leit, weinst e puer 1.000 Frang theoretesch méi an der Pai, Hab a Gutt, do wou se hiert Liewe verbruecht hunn, fale loossen, fir anzwousch

anescht ze goen, wou se zwar och vläicht e puer Frang weider an der Pai hunn, mä ganz aner Loyerer ze bezuelen hunn a ganz aner Liewensënnerhalungskäschten hunn, wéi anzwousch anescht. Wann et esou wier, da géing an der ganzer Province de Luxembourg keng belsch Gemeng méi e Schoulmeeschter fannen, dann hätte se längst an Owescoure Lëtzebuergesch geléiert a géingen dës Säit schaffe kommen. Wann an deem Beräich, wou ganz aner Ennerscheeder sinn, wou d'Paieren dräimol méi héich si wéi déi Säit der Grenz, net deen do Tourismus zu Stane kënnt, dann hu mir ganz weineg Angscht, dass se soll hei geschéien an och dofir gesi mer iwwerhaupt kee Problem, fir och d'Residenzklausel fir Net-EU-Bierger falen ze loossen, well mir sinn net grad op den Aussegrenze vun der EU, an déi Grenze ginn deemnächst nach vill méi wäit gesat, a mir kënnen eis net virstellen, dass Leit, déi sou wäit ewech sinn, weinst eventuell e puer 1.000 Frang weider sollten alles fale loossen, wat hir Geschicht uitgemaach huet, an da grad op Lëtzebuerg hei gepilgert kommen.

Dofir wäerte mir dës Projet net stëmmen.

#### **Une voix.- Ah!**

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Mir wäerten eis enthalen well mer der Meenung sinn, dass dës Regierung hätt roueg kënne méi wäit goen a bei dësem Coup d'Residenzklausel ganz fale loossen.

Ech wëll och betounen, dass mer domat kee Prezedenzfall an der EU géinge schafen. Et gëtt aner Länner, déi dës Klausel scho längst fale gelooss hunn. Dofir hätt et eis gutt zu Gesiicht gestan, dat och ze maachen.

Ech wëll och just un engem Beispill illustréieren, dass mer nei Härtefäll schafen. Als Beispill kann een eng kapverdianesch Famill huelen, wou d'Fra net berufstäteg ass mat een, zwee Kanner, wou dann eng Scheedung entsteet, dës Famill wunnt zwee Joer hei am Land, an da wann d'Fra keng Méiglechkeet huet oder fënnt schaffen ze goen, da sëtzt se do eventuell ouni Revenu, mat hire Kanner, a kann net ënnert d'Konditiounen vum RMG falen.

Ech hat dëst Beispill opgeworf an der Kommissioun, do krut ech gesot, da wier jo d'Méiglechkeet, op den Office social ze goen an da kéint déi Fra jo do gehollef kréien an da kéint jo dann duerno déi jeeweileg Gemeng sech vum Stat erëm remboursséiere loossen. Wann ech sou Äntwerte kréien, da soen ech, ma jo dann huet et näischt mat de Finanzen ze dinn, dass mer net amstand sinn dës Klausel falen ze loossen, dann ass et éischter de Prinzip.

A grad weinst deem Prinzip soe mir: Mir fannen, dass dat soll e Recht si fir all Mënsch, deen hei an deem Land wunnt, fir den RMG ze kréien, an dass mer net eng Rei Leit weiderhi wäerten dozou verdame fir heeschen ze

goen op hiren Office social, fir eigentlech iwwer Emweeër déiselwecht Suen ze kréie wéi déi Leit, déi den RMG direkt kënne kréien.

Dofir en Opruff un dës Regierung, déi nächst Kéier, bei der nächster Reform vun dësem Gesetz, wierklech de Courage an de Grapp ze huelen a fir all Mënsch aus dem Lëtzebuerger Land dës Residenzklausel falen ze loossen. Wann dat esou ass, da wäerten och dann déi Gréng bereet sinn, esou e Projet ze stëmmen.

Merci villmools.

**M. le Président.-** Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, ech wëll mech kuerz faassen, obschonn hei viles ze soe wär, mä aus aktuelle Grënn, a well mer och Leit hunn, déi dobaussen och ëm hir sozial Rechter kämpfen, soen ech nëmmen e puer Bemierkungen zu dëser Gesetzesännerung.

Et schéngt, wéi wann ee sech schwéier hei an eisem Land géing doen, fir d'RMG-Gesetz unzewenden, fir seng richteg Ausféierungen ze fannen. Et gëtt praktesch sou verfuer, wéi bei enger ëmgekéierter lechternacher Prozession, ee Schrëtt no vir an zwee Schrëtt zrëck.

### **(Interruptions et hilarité)**

Et ass egal, et ginn och vläicht e puer Schrëtt no baussen, op der Säit!

Bei der Ännerung vun dësem RMG-Gesetz am Joer '99 - do war am ursprüngeleche Regierungstext déi Residenzklausel fale gelooss ginn -, op d'Awierkung vum Statsrot hin, deen do eng Oppositoun dergéint gemaach huet, ass dann eng Residenzklausel agefouert gi vu fënnef Joer fir jiddereen. Déi hirersäits awer huet erëm de Widdersproch ervirgeruff vun der Bréisseler Kommissioun, sou dass dann elo erëm versicht gëtt, een Tëschedéng ze fannen. Deen Asproch vun der Bréisseler Kommissioun ass doduerch begrënnt, dass dann déijéineg, déi hei am Land gebuer a gelieft hunn, éischter zum RMG Zougank kréie wéi déi aner EU-Bierger.

Anstatt awer elo erëm hinzugeen an op den ursprüngelechen Text vun '99 zrëckzekommen, gëtt also do dës Zwittergebuert hei virgedroen. Dofir mengen ech, dass et eben ee Schrëtt ass zrëck virun d'Joer '99.

Et sinn elo, well dës Residenzklausel, déi sech elo net méi bezitt op EU-Bierger, awer dann op déi Bierger ausserhalb vun der EU, zwou Kategorien erëm vu Leit agefouert, déi, mengen ech, sollten an der Zukunft versicht ginn ofzeschaffen.

Et gëtt hei vu verschiddene Leit drop higewisen, dass elo géing e sougenannte Sozialtourismus ervirgeruff ginn. Mä et kann een déi Saach och ëmgekéiert kucken.

Duerch déi ATI-Verträge, déi ee jo muss ënnerschreiwe fir kënne an de Genoss vum RMG ze kommen, kann d'Patronat relativ bëlleeg Aarbechskräfte kréien, déi och nach vum Stat bezuelt ginn.

Den RMG ass also en Deel vun eise Sozialhëllef a wa mer feststelle mussen, dass d'Gesamtzomm vun de Sozialhëllef hei am Land an d'Luucht geet, an zwar an engem vun deene räichste Länner, dann ass dat den Ausdrock dovun, dass d'Sozialkluft hei an eisem Land ausenaner geet.

Dofir ass et absolut noutwendeg, dass deen RMG do erhale bleift an dass am Fong geholl jiddereen, deen hei am Land ass an deen ënnert déi Sozialbedingunge fält fir en ze kréien, en och sollt kréien.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss an d'Wuert kritt elo d'Familljeministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing wëllen dem Rapporteur villmools merci soe fir säin explizite schrëftlechen a mëndleche Rapport, an och fir déi Rapiditéit, mat där an der Kommissioun geschafft ginn ass, fir datt mer kënne haut deem Uerteel - well et geet net weinst enger Direktiv, et geet well mer veruerteelt sinn, dat ass eppes anescht, wéi wann een eng Direktiv soll ëmsetzen - nokommen, fir datt mer erëm an der Ordnung doranner sinn.

Ech muss awer feststellen, datt ech hei op der Tribün aner Saachen héieren, wéi do an der Kommissioun. An där Kommissioun hat - mat Ausnahm vun där grénger Fraktioun - all Mënsch dee Rapport matgestëmmt. Ech ginn dovun aus, wann ee Rapport à l'unanimité vun enger Fraktioun gestëmmt gëtt, datt dann déi aner dermat d'accord sinn. Sou datt ech net richteg weess, wéi et mat der Kohärenz op där enger an op där anerer Plaz ass, vun där mer elo grad hei héieren, an datt d'Leit dat da sou géingen halen oder anescht.

### **(Interruptions)**

Dir sitt absolut kohärent, ech sinn och net frou, dass Der et net matstëmmt, mä ech sinn awer weinegstens...

### **(Interruption)**

Neen, si waren du well d'selwecht, well se dat gesot hate wat se haut gesot hunn. Mä mat Ausnahm dovu waren all déi aner domat d'accord, fir dee Rapport ze stëmmen. Dofir verstinn ech elo net, datt den ADR haut de Mëtteg dat Gesetz net ka stëmmen.

### **(Interruptions)**

Dat kann ech net novollzéien!

### **(Interruptions diverses)**

**Une voix.-** Madame Jacobs, vum ADR wäert dat lech jo awer net wonneren!

**Une autre voix.-** Hie gleeft et selwer net, Madame Jacobs!

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Ah sou! Jo dann, et ass nëmme well den Här Jaerling gesot hat, hie wier ëmmer hei sou kohärent mat deem, wat hie géing soen. Dofir gesinn ech do net richtig, wéi dat mat där Kohärenz...

**(Coups de cloche de la Présidence et interruption)**

Wéi?

**Une voix.-** Wat hutt Der gesot, Här Colombero?

**Une autre voix.-** Sot dat nach eng Kéier méi kloer.

**M. Jean Colombero (ADR).-** Et si souguer Leit vun Ärer Partei, déi net gär wëlle stëmmen, déi awer musse mam Kapp wénken!

**(Interruptions diverses)**

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Dat géing mech wonneren! Ech soen lech just, datt ech...

**(Interruptions)**

**M. le Président.-** Wann ech dierft ëm Är Opmierksamkeet bieden, fir der Madame Minister nozelauschteren. Madame Minister, Dir hutt d'Wuert, an déi aner solle roueg sinn an nolauschteren.

**Une voix.-** Dréckt op de Schleidersëtz!

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Ech wëll lech just soen, datt ech eigentlech awer entsat sinn iwwer verschidden Äusserungen, déi hei gemaach goufen iwwer arem Leit an iwwert den Tourismus, dee soll gemaach ginn, an awer déi wirklech Remarken och do vun Ärer Plaz aus, wou ech muss soen: Dat erfëiert mech!

Ech weess, datt dat lech näischt ausmécht, mä ech weess awer, datt ee ganz llicht domadder Stëmmung dobausse ka maachen, an dat maacht Der jo "wissentlich und willentlich", awer ouni...

**(Interruptions)**

Jo, an do hëlleft Der noschieben, ganz delikat, bësselche méi, bësselche manner, also dat...

**(Interruption)**

...hu mer haut de Mëtteg hei héieren; dat ass hei awer demonstréiert ginn, besser hätt et awer net kënnte sinn.

Also ech hu vill Verständnis fir viles, mä wann ech gesinn, datt ee fir arem Leit, an iwwert déi...

**(Interruption)**

A wat sinn dat dann anerer? Wat ass dat dann anescht?

**(Interruption)**

Jo, mä Dir maacht se.

**(Hilarité)**

Also do kéint ech awer nach vill bei lech léieren, an nach vill anerer heibannen. Mä dat hunn ech iwwerhaupt net wëllen.

**(Interruption)**

Ech wëll lech just soen, datt ech fannen, datt wa mer haut de Mëtteg dat Gesetz hei, oder Dir dat Gesetz hei stëmmt, mer domat erëm am Renge sinn an datt et awer och op där anerer Säit déi Ënnerscheeder weist zwëschent deene verschiddene Parteien. Do ass keen Zweifel drun, datt et elo dobaussen an der Gesellschaft Leit sinn, déi dat gutt fannen an datt der sinn, déi dat manner gutt fannen. Ech ka mer och virstellen, datt an deenen nächste Joren nach Changementer kommen an datt och kënne aner Leit dovunner profitéieren.

Mir hu bis haut net gemierkt, Här Gibéryen, dass esou vill Leit aus der Belsch oder vun éierenes anescht komm sinn. Wa se hei op Lëtzebuerg kommen a se mussen hei de Loyer bezuelen, da kascht dat se vill méi deier, wéi wa se bei sech doheem bleiwen a se kréien déi puer 1.000 Frang héchstwahrscheinlech dann net.

Dofir wollt ech mech och net hei de Mëtteg länger bei deem Gesetzesprojet ophalen; mir wäerten an där nächster Zäit déi Geleeënheet kréien, wann dann eise Plang iwwert d'Inclusion sociale kënnt. Do halen ech mech well op eppes gefaasst, well déi arem Leit, déi dorënner falen, déi kréien dann och näischt ze laachen, a mir mat net. Mä da kënne mer eis méi mat deene verschiddene Punkten auserneesetzen, wou mer elo drop waarden datt mer gesot kréien, wat datt mer gutt oder e bësse manner gutt maachen.

Mir hate jo hei deen Débat d'orientation, deen den Här Lux doriwwer gefouert hat. All déi Saachen huele mer selbstverständlech seriö an ech gehéieren zu deenen, déi mengen, datt een net nëmme just säin eegenen Egoismus soll kultivéieren, mä datt ee vläicht och emol soll iwwert de Rand vu sengem eegenen Teller kucke wéi et deenen anere Leit geet, well et gött der vill deenen et vill méi schlecht geet wéi eis.

An ech mengen och op där anerer Säit, wa gesot gött eng ganz Partie vun deene Leit, Här Gira, déi net kënnten heivu profitéieren, ass jo awer och näischt wat d'Gemege verhënnert, fir kënne do matzehëllefen an da kréie se 90% bei mir, iwwert de Ministère vun der Famille, nees erëm, souguer bis 100%. Ech ginn zou, datt et eng aner Démarche ass, wéi dat do, mä ech wëll just soen...

**(Interruption)**

Oh dat gött et!

Also, ech mengen, déi do Diskussioun ass ouni Zweifel net ofgeschloss. Mä, wéi gesot, ech si frou wa mer haut

awer domat an d'Rengt kommen an datt mer domat och net mussen nach Strof bezuele fir Net-Ëmsetzung vun deem Uerteel, wat eigentlech iwwer eis komm ass.

Merci villmools.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4829 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 45 Jo-, 7 Neen-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Alex Bodry), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi.*

*Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Elo kéime mer dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour.

**5. Ordre du jour**

D'Presidentekonferenz ass haut de Moien zesumme-komm an huet Folgendes proposéiert: D'Chamber siégéiert en Dënschden, 20. November, um 3 Auer, e Mëttwoch, den 21., um halwer 3 an en Donneschden, den 22., och um halwer 3. Um Ordre du jour steet Folgendes:

En Dënschden, den 20. November:

1. eng Froestonn un d'Regierung;
2. d'Debatt iwwert d'Politik um Gebitt vun der Entwécklungshëllef nom Modell 2, also d'Debatt iwwert deen Exposé, deen de Mëtten de Minister fir Entwécklungshëllef gehalen huet.

Den Ordre du jour gëtt evakuéiert, och wann d'Sitzung muss no halwer 7 verlängert ginn.

E Mëttwoch, den 21. November:

1. de Projet de loi 4516 iwwert d'Organisation internationale du Travail; bei dësem Projet de loi gëtt nom Artikel 114, Absatz 5 vun der Verfassung gestëmmt, dat heescht mindestens 3/4 vun den Deputéierte musse present sinn an 2/3 mussen derfir sinn;

2. d'Interpellatioun vum Här Jean Huss iwwert déi elektromagnéitesch Wellen; dozou gehéiert och, wann ee mam Handy heihinner kënnt;

**(Hilarité)**

3. d'Motioun vun der Madame Renée Wagener iwwert d'Consultatiounen bei den Hiewammen.

En Donneschden, den 22. November:

1. eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Chargés de cours; dës Aktualitéitsstonn ass vun der Fraktioun vum ADR ugefrot ginn;

2. d'Interpellatioun vum Här Robert Garcia iwwert d'Politik um Gebitt vum Tourismus nom Modell 1.

Ech wëll drop hiweisen, datt dësen Ordre du jour provisoeresche Charakter huet an dat aus folgender Ursaach: Aus organisatoresche Grënn ka réischt mar, nom Regierungsrot, festgehale ginn, ob d'Aktualitéitsstonn iwwert d'Chargés de cours iwwerhaupt op den Ordre du jour ka kommen, a wa jo, dann entweder e Mëttwoch oder en Donneschden. Falls d'Aktualitéitsstonn iwwert d'Chargés de cours net op den Ordre du jour kënnt, figuréiert der Madame Wagener hir Motioun iwwert d'Hiewammen um Ordre du jour vun e Mëttwoch.